



froen eis, firwat mer hei net haart laachen. A well mir léiwer déi éischt Optioun gehat hätten, wäerte mir eis da bei deem Projet hei enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. Als leschte Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Här President. Mir als ADR, mir sinn och skeptesch, wat d'Pompele vum CO<sub>2</sub> an de Buedem ugeet. Mir wëssen nach net, wéi d'Reaktiounen do sinn. Et ass eng ganz nei Technologie. Wéi ass d'Reaktioun vum CO<sub>2</sub> mam Gestengs? Gëtt et Risiko vu Réssbildungen? Kann et zu seismeschen Aktivitéite kommen? Wéi sinn d'Migratiounsweeër vum CO<sub>2</sub>? Dat sinn alles Froen, déi ee sech stellt a wou ee fir de Moment nach absolut keng Léisung huet. Dofir si mer ganz skeptesch, wat dës Direktiv ugeet.

Mir soen dem Här Oberweis Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Mir hätten och léiwer gehat, wa mer fir den éisträichesche Modell optéiert hätten. Dat wär vläicht méi fair gewiescht, aus deem einfache Grond, well fir de Moment da kënne mer jo soen: „Mir pompele keen CO<sub>2</sub> an de Buedem, well dat bei eis jo net erlaabt ass. Dat ass net machbar, geologesch an hydrologesch.“ Mä ech mengen, dat ass deen einfache Wee. Mir soen: „Dat ass net méiglech, fir dat ze maachen.“ Mä trotzdem wäerte mer eisen CO<sub>2</sub>, wann et muss sinn, an Norwegen exportéieren. An ech mengen, dat ass net fair par rapport zu den anere Länner.

Mir hätten eis gewënscht, dass mer méi offe gewiescht wären a mir hätten dann den éisträichesche Modell gewielt. Dofir wäerte mer eis beim Vote hei enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank.

► **M. Marco Schank**, *Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures*.- Wéi gesot, Här President, ech wollt fir d'Éischt soen, datt d'Regierung an d'Chamber an deem heite Fall datselwecht wollten, datselwecht wëllen. Mir wëllen net, datt zu Lëtzebuerg CO<sub>2</sub> stockéiert gëtt, éischstens ass et net méiglech. Déi dräi Gutachten - op déi ech net zrëckkommen -, déi soen dat ganz daitlech.

Zweetens ass de politesche Wëlle ganz kloer, datt mer dat net wëllen hei zu Lëtzebuerg. Et muss een awer wëssen, datt mer verschidden Deeler vun der Direktiv souwisou hätte missen ëmsetzen. Eis Juristen hunn dat ganz daitlech gemaach - an do hunn ech awer ganz vill Confiance -, datt mer eis „keng siche ginn“, op Lëtzeburgeresch gesot. Et kann net sinn, datt mer herno géifen engersäits poursuivéiert gi fir d'Nettranspositioun oder net déi richteg Transpositioun vun der Direktiv, an anerersäits, datt mer all Risque d'insécurité aus de Féiss ginn, well et esou ee wesentleche Sujet ass.

Duerfir, mengen ech, si mer awer hei op där gewonnener Säit: Engersäits hu mer d'Direktiv ëmgusat, an da soe mer gradesou daitlech, mir wëllen et net, mir wëllen net, datt zu Lëtzebuerg CO<sub>2</sub> stockéiert gëtt. A mir wëssen och net, wéi dat mat den Éisträicher ausgeet. Dat ass en cours, d'Kommissioun préift dat. Dat kënne mer elo nach net soen. Ech mengen, datt mer hei en exzellente Kompromëss fonnt hunn.

Dann nach vläicht ee Saz zu engem Avis, wou d'Kommissioun elo gefrot ginn ass. Et ass déi éischte Kéier opgrond vun der Direktiv, datt d'Europäesch Kommissioun gefrot ginn ass, fir en Avis ze schreiw fir e Projet an Holland, fir CO<sub>2</sub> ze stockéieren, an zwar un der hollännescher Küst. Do ass et esou, datt elo emol am Kader vun engem Pilotprojet am Hafe vu Rotterdam CO<sub>2</sub> wäert stockéiert ginn. Juste pour info, datt et bis elo ee Land war an datt d'Kommissioun eng Kéier en Avis ginn huet am Kontext vun hirer Ëmsetzung vun der Direktiv.

Dann och, fir op ULCOS zrëckzekommen, op déi Fro am Zesummenhang mat deem Comité, wou ech jo ganz daitlech och an der Kommissioun gesot hunn, datt et net a Fro kënnt, datt Lëtzebuerg do eng Roll spillt. Et huet eng Kéier eng Entreprisé - Paul Wurth, fir se net ze nennen -, déi haten ee Moment Intérêt ugemellt, hunn awer ofgewénkt. Am Endeffekt, wéi et mat Florange virugeet, wësse mer eeneweegs net. Op jidde Fall gëtt et do keng Initiativ. An d'Regierung denkt och net, an iergendenger Form do ze participéieren.

Merci awer och zum Schluss dem Rapporteur fir säin exzellenten - wéi mer dat gewinnt sinn -

mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Ech si frou, datt mer awer e relativ breede Konsens hei wäerte fannen, wann dat Gesetz gestëmmt gëtt.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder si mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6302 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, géint 11 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jean Colombero), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zu eise nächste Projet, de Projet de loi 6411, eng Direktiv iwwert d'Opérateuren, déi Holz op de Maart ginn. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo ageschriwwen: just den Här Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur...

► **Une voix.**- Hien zitt sech zrëck.

► **M. le Président.**- Den Här Berger och net.

**(Interruption)**

Da kritt elo de Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**8. 6411 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°995/2010 du Parlement européen et du Conseil du 20 octobre 2010 établissant les obligations des opérateurs qui mettent du bois et des produits dérivés sur le marché**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dee virleiende Projet de loi, dee reit sech an eng ganz laang Lëscht vu Gesetzesprojeten an, déi mir an der Chamber an der Rumm vun dem Ëmweltschutz an de leschte Joren hei geholl hunn.

Am Virfeld vu menger Interventioun eng ganz kleng Ausféierung. Ech hu bei der Welternährungsorganisation, der FAO zu Roum, nogekuckt gehat. Do steet an deem heiten Zesummenhang dran, an der Preparatioun vu „Rio+20“ deemnächst, dass déi weltwäit Nofro no Holz ëm 50% an deenen nächste 40 Joer wäert zouhuelen. A wann een awer bedenkt, dass all Joer 13 Milliounen Hektar Bëscher fir ëmmer verschwannen an domat d'Erosioun méi grouss gëtt, da kann ee sech scho virstellen, wéi een Drock bei enger wuessender Populatioun op de Bëschbestand an der Welt ausgeübt gëtt. An net ze vergiessen: 70% vun

deem gesamten Holz, dat geschloe gëtt, gëtt verbrannt.

Et geet also hei am Speziellen ëm d'Ëmsetzung vun engem europäesche Reglement, N°995 vum 20. Oktober 2010. De Projet de loi ass den 13. Mäerz dëst Joer an der Chamber deponéiert ginn, an d'Chamberskommissioun huet de Rapport de 6. Juni unanime ugeholl. Ech wëll hei nëmmen déi wichtegst Elementer vun dem Rapport virdroen, de Rescht kann een dann noliessen.

Dat europäesch Reglement setzt déi Obligatioun fest, un déi sech déi eenzel Opérateuren, déi Holz a seng Produkter op de Maart bréngen wëllen, ze halen hunn. Mir wëssen all - et ass scho méi wéi eng Kéier op der Tribün hei gesot ginn -, dass déi illegal Exploitatioun vun de Bëscher e ganz grouss Problem net nëmme fir d'Mënschen, mä och fir d'Natur duerstellt. D'Ofholze vun de Bëscher an déi domat verbonnen Erosioun vu groussen Terrainen, am Besonneschen an de Reebëscher bei deenen dach méi aarme Leit, dréit zu ronn 20% vun de weltwäiten CO<sub>2</sub>-Emissiounen bäi. Dat waren d'lescht Joer vun den 31,6 Milliarden der ronn 6,3 Milliarden.

En aval vun dëser desolater Situatioun kënnt et zu enger weiderer Degradatioun vun de Bëscher, déi net méi weider nohaltig bewirtschaft kënne ginn. Dat bréngt, wéi gesot, grave Konsequenze fir de Klimawandel mat, wat jo de Sujet vun der „Rio+20“-Konferenz déi nächst Woch wäert sinn. Dëst Reglement fuerdert duerfir all déi europäesch Acteuren op, sech bei der Lutte géint dat illegaalt Ofholzen eranzebréngen. Esou kann d'Europäesch Unioun, déi jo trotz allem ee Virreider a Saache Klimaschutz ass, e gutt Beispill fir déi aner Acteuren an der Welt sinn.

D'Europäesch Kommissioun huet an hirer Kommunikatioun vum 21. Mee 2003 dëse Gedanken opgegraff an hat deemools schonn dat Dokument FLEGT ausginn. An dat steet fir eng gutt Gouvernance an der Bëschbewirtschaftung a fir en nohaltigen Handel mat den Holzprodukter.

Wichtig Elementer aus dem Projet de loi sinn da folgend: Et gëtt den eenzelnen Opérateure verbueden, Holz an Holzprodukter, déi aus der illegaler Ofholzung stamen, op den europäesche Marché ze bréngen. Hei gëtt ganz speziell un d'Kooperatioun vun de Partner appelléiert. Well awer nach ëmmer keng kloer Definitioun vun dem illegalen Ofholzen op dem internationale Plang besteet, soll d'Gesetzgebung aus dem Land gëllen, wou dat Holz dann hierkënn. An dat heescht, dass d'Händler an der Europäescher Unioun eng grouss Responsabilitéit kréien.

Et wäert awer och net einfach ginn, iwwert d'Holz a seng Produkter all néideg Informatiounen aus dem Ursprungsland ze kréien. Duerfir sollen och déi Opérateuren, déi am Ufank vun der Kette stinn - dat sinn déi, déi d'Holz schloen -, all déi néideg Informatiounen matliwweren, dass hiert Holz ebe legal geschloe ginn ass.

Fir de Risiko deemno esou kleng wéi méiglech ze halen, dass illegaalt Holz a seng Produkter agefuert ginn, mussen all déi eenzel Opérateure matenee schaffen. Wann et muss sinn, da ka souguer d'Europäesch Kommissioun eng Hand mat upaken, well hiren Aarm reecht nun dach méi wäit wéi eenzel Länner.

Ee weidere Punkt vun dem Reglement schreift och vir, dass privat Bëschbesëtzer sech un dës Mesuren hale mussen. Duerfir muss fir déi Dausende vu private Bëschbesëtzer eng technesch Assistenz bereetgestallt ginn. Et soll och alles an d'Wee geleet ginn, dass recycéléiert Holz an dem Maart bleift, esou dass net permanent muss neit Holz geschloe ginn. An deem Reglement ass festgehalen ginn, dass Holz a seng Produkter, déi um Liewensenn ukomm sinn, net méi erfaasst ginn.

Et gëllt awer hei wéi a ville Fäll d'Spréchwuert: Vertrauen ass gutt, awer Kontroll ass besser. Duerfir ginn déi staatlech Autoritéiten ugestallt, Kontrolle bei den Opérateuren um Terrain duerchzeféieren. Bei Verstéiss muss derfir gesuergt ginn, dass d'Opérateuren eng technesch Assistenz kréien, fir dass esou Fauten an der Zukunft net méi solle gemaach ginn.

Här President, wat elo d'Ëmsetzung hei am Land ubelaangt, esou ass de Minister, an deem säi Kompetenzberäich d'Ëmwelt fält, fir dës responsabel. Fir d'Kontroll op dem Terrain sinn an dem Artikel 3 ënner anerem responsabel: d'Beamte vun der Douane an den Akzise wéi och déi kompetent Mataarbechter aus der Verwaltung vun der Natur an de Bëscher.

Am Artikel 4 gëtt festgehalen, wéi dës Kontrollen duerchgefouert ginn, an do gëtt en Ënnerscheed gemaach, ob et sech ëm Gebaier handelt, déi vu Leit bewunnt ginn, oder déi net bewunnt ginn.

Den Artikel 5 leet fest, wéi dann déi Kontrollen, an dat heescht, d'Opsiche vun illegalem Holz an Holzprodukter, hei sollen duerchgefouert ginn. Hei huet sech d'Chamberskommissioun och dem Avis vum Statsrot ugeschloss.

Den Artikel 6 gesäit vir - dat ass hei ganz wichtig -, dass agréiert Ëmweltassociatiounen hir Stëmm erhiewe kënnen, wa si e Feeler an dem Handel vun Holz a senge Produkter feststellen.

Den Artikel 7 gesäit wéi ëmmer Strofe vir, déi verhaange kënne ginn am Fall vun enger festgestallter Faute grave. Do gi Prisongsstrofen tëschent aacht Deeg bis e Mount oder Amendé vun 251 bis 250.000 Euro ausgesprach.

Den Artikel 8 hat den Embauchage vu Personal virgesinn. Opgrond vun dem Avis vum Statsrot ass deen Artikel awer dunn erausgestrach ginn.

De Conseil d'État hat ausser enger Opposition formelle, där d'Regierung Rechnung gedroen huet, keng weider Bedenken. Och d'Berufskummeren hate keng weider Objectiounen. An de Rapport ass an der Chamberskommissioun unanime ugeholl ginn.

Mat dëse Wieder bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun eran a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Oberweis Merci. Ech mengen, dat war, wéi mer dat vun him gewinnt sinn, méi wéi komplett. Ech weess net, ob den zoustännege Minister nach eppes wëllt derbäifügen.

**(Négation)**

Da kéinte mer nämlech direkt zur Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6411 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 6412, eng Direktiv iwwert den Autorisationsregime FLEGT op Holzimportatiounen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet kee Riedner sech ageschriwwen, esou datt elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis, d'Wuert kritt. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**9. 6412 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°2173/2005 du Conseil du 20 décembre 2005 concernant la mise en place d'un régime d'autorisation FLEGT relatif aux importations de bois dans la Communauté européenne**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, dëse Projet de loi ass ee Complément zu deem Projet, dee mer elo grad gestëmmt hunn. Dat war d'Direktiv 995 vum 20. Oktober, an elo geet et drëm, dass mer de Projet de loi,





deen den 13. Mäerz 2012 deponéiert ginn ass a wou de Rapport ugehall ginn ass an der Chamberskommissioun - och unanime - de 6. Juni, an der Chamber hei sollen ëmsetzen.

Mat dësem Projet de loi soll dat europäesch Reglement 2173 aus dem Joer 2005 an nationaalt Recht ëmgesat ginn. Dat ass schonn e bëssen eng Zäit hier. An dem Reglement steet d'Asetze vun dem Autorisationsregime, dem FLEGT, am Mëttelpunkt, vun deem ech elo grad geschwat hat.

Et gëtt den eenzelnen Opérateure verbueden, wéi gesot, Holz a Produkter aus illegaler Ofholzung hei an Europa eranzubréngen. Et dierf ee sech awer näischt virmaachen: D'organiséiert Kriminalitéit an d'Korruptioun sinn dacks am Ufank vun dem fatalen Holzschlag, an dat notament an den aarmen Entwécklungslänner, wou d'Kontrolle quasiment inexistent sinn.

Wuel wëssend, dass dat illegaalt Ofholze schlëmm Konsequenze fir d'Bëscher an de Klimawandel selwer huet wéi och fir d'Mënschen an d'Natur an deene Géigenden, ginn dacks skrupellos Bëscher niddergemaach an domat negativ Konsequenze fir de Weltklima ervirgeruff. Dofir war 2003 de FLEGT als en Outil an d'Liewe geruff ginn, deen et erlabe soll, en Aktionsplang opzestellen, wéi dann den Handel vun Holz an Holzprodukter geregelt soll ginn. Dat ass déi éischt Etapp an der Lutte géint dat illegaalt Holzgeschäft. An et kéint ee sech wënschen, dass aner Géigende vun der Welt och esou Saache géifen an d'Wee leeden. Da wärem mer vläicht schonn op enger gewonnener Säit.

Ech hu gesot gehat, et ass keng kloer Definition beim illegalen Ofholzen, well do keng fonnt gëtt. Et ass jo evident, et wëllt jo kee sech an d'Kaarte kucke loossen. Esou soll quasiment all Land - also d'Europäesch Unioun dann - mat deene Länner, wou Holz geschloe gëtt, Kontrakter ofschléissen.

Fir dass dëse Projet de loi awer seng Friichte géint den illegalen Holzhandel droe kann, muss d'Europäesch Unioun mat deene Länner a mat deene regionalen Organisatiounen, déi am Holzhandel aktiv sinn, quasiment Partenariatsaccorden ofschléissen. Konkret heescht dat: Fir Holz an Holzprodukter, déi an d'Europäesch Unioun importéiert ginn, mussen Zertifikater virleien, déi beweisen, dass d'Holz aus legalem Holzhandel kënnt, an déi dem ofgeschlossene Partenariatsaccord Rechnung droen.

Wat d'Ëmsetzung hei am Land ubelaangt, esou ass erëm eng Kéier de Minister, an deem säi Kompetenzberäich d'Ëmwelt fält, dee Responsablen. Am Fall, wou géint de Geescht vun dem Reglement verstouss gëtt, muss de responsabele Minister dëfir suergen, dass dat illegaalt Holz vum Maart verschwënnt. Géint dës Décisioun vum Minister kann awer Recours geholl gi virum Tribunal administratif.

Wéi scho virun eng Kéier gesot - an deem Gesetzesprojet war dat ähnlech, e bëssen d'selwecht, ofgehandelt ginn -, am Artikel 3 gëtt opgezeechent, wéi eng Leit fir d'Kontrolle responsabel sinn. Wéi gesot, dat sinn Officiers de police judiciaire, Beamte vun der Douane a vun den Akzisen oder kompetent Matarbechter aus der Verwaltung vun der Natur a vun de Bëscher.

Den Artikel 4 gesäit, wéi gesot, nach eng Kéier d'Kontrolle vir, déi gemaach kënne ginn. Och do d'Ënnerscheedung: an de Gebaier, wou e Mënsch wunnt, oder wou kee wunnt.

Den Artikel 5 leet fest, op wat sech d'Kontrolle vun dem Opsiche vun illegalem Handel mat Holz an Holzprodukter beschränken. Och hei huet sech d'Chamberskommissioun dem Avis vum Statsrot ugeschloss.

An och nach eng Kéier am Artikel 6 gëtt gesot, dass all déi Associatiounen, déi hir Stëmm erhiewe wëllen, wa se eng Faute feststellen, och als en Element vun dem Projet de loi festgehale si ginn.

Dann am Artikel 7 sinn déiselwecht Strofe festgehale ginn, wéi ech et scho bei deem anere Projet de loi gesot hunn.

De Conseil d'État hat ausser enger Opposition formelle, där mir Rechnung gedroen hunn, och keng weider Bedenken. D'Beruffskummeren hunn där Saach hei och dann e positiven Aval ginn. A wéi gesot, an der Chamberskommissioun ware mer unanime heiranter.

Ech géif hei erëm eng Kéier den Accord vun der CSV erabréngen a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci och nach eng Kéier dem Här Rapporteur Marcel Oberweis, deen nach eng Kéier méi wéi kloer an detailléiert war, esou datt mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kënne kommen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6412 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour vun haut hu mer elo eng Orientéierungsdebat iwwert déi Lëtzebuergesch Perspektive beim „Rio+20“-Sommet. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Boden, den Här Berger, den Här Negri an den Här Oberweis.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Camille Gira als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen, déi dës Debatt ugefrot huet. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

## 10. Débat d'orientation sur le bilan et les perspectives luxembourgeoises en vue du Sommet des Nations Unies sur le développement durable Rio+20

### Exposé

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleginnen, 20 Joer sinn et hier, dass déi grouss Weltkonferenz zu Rio stattfonnt huet, wou eigentlech ganz vill Hoffnung dervun ausgegangen ass. D'Hoffnung, dass mer net nëmmen eis Ëmweltproblemer an de Grëff géife kréien, mä och eis Ongerechtegkeetsproblemer op der Welt. Elo sinn et 20 Joer hier, an d'nächst Woch ass dann eng Nofolgekonzferenz. An et ass Zäit, mengen ech, fir e Bilan ze zéien, e Bilan ze zéien um internationale Plang, mä awer och zu Lëtzebuerg.

Et ass scho symptomatesch, dass duerch déi grouss Wirtschaftskris dës Kéier kaum vill iwwert déi Konferenz geschwat gëtt. A mir waren der Meenung, dass dëst Haus awer och an der Obligatioun wier, sech am Virfeld, wou Vertrieeder vun eis, mä och Vertrieeder vun eiser Regierung op Rio ginn, trotzdeem e puer Gedanken ze maachen, wat dat dann elo fir Lëtzebuerg bedeit.

Et ass richtig, Rio war sécherlech schonn eng gewësse Prise de conscience. Et ass kloer ginn, dass Entwécklung an Ëmwelt géifen zesummenhängen an dass d'Ëmwelt eigentlech dee Facteur ass, deen de wirtschaftleche Wuesstum begrenzt. Dat kréie mer all Dag méi virun Ae gefouert. Duerfir dierf och d'Entwécklung net nëmmen a Kategorie vu Wuesstum geduecht ginn, mä an der Kategorie vu globaler an intergénérationeller Gerechtegkeet.

Mir sinn, wann ech dat esou ka soen, also souwuel verantwortlech fir dat, wat eis Grousseltere gemaach hunn, wéi awer och fir dat, wat mer deenen zukünftege Generatiounen iwwerloossen. An éinescht hunn ech jo e Beispill genannt, dass mer dat nach ëmmer net ganz gutt maachen, zum Beispill mam CCS. An duerfir ass och zu Rio eigentlech dat Konzept vun der gemeinsamer, awer ënnerschiddlecher Verantwortung geprägt ginn, well bekanntlech déi westlech Länner awer an deene leschten 200 Joer ganz e bësse méi futti op dësem Planéit gemaach hu wéi déi, déi vläicht aus Afrika oder Südamerika kommen.

Et goufen och - dat kann een net verleugnen - zu Rio eng Rei wichteg Deklaratiounen gemaach an och nei Prinzipie festgehalten; ënner anerem dee vun der Generatiounegerechtegkeet. Och de Principe pollueur gouf ausformuléiert. Mä et war awer net grad dat: Et war net en Droit de pollution contre paiement, esou wéi mir en deelweis als Lëtzeburger Land och ëmsetzen.

Et ass och gesot ginn, dass eigentlech déi éischt Konditioun, fir dass een iwwerhaapt iwwer nohalteng Entwécklung kéint schwätzen, d'Ausraidéierung vun der Aarmut wier. Dat ass vläicht en Domän, wou mer e Stéck weiderkomm sinn, mä wou trotz allem nach ëmmer vill ze vill Leit op der Welt ënnert dem absoluten Aarmutsniveau liewen.

Et war och gesot ginn, dass een deene Länner, déi wierklech ganz, ganz ënnen op der Entwécklungsskala sinn, eng speziell Opmierksamkeet misst ginn. Et misst Ëmweltimpaktstudien op nationalem Plang ginn. An eppes ass och unerkannt ginn, wouvun een awer, mengen ech, duerno och net méi esou vill héieren huet, nämlech dass d'Roll vun der Fra am Kontext vun den Ëmweltfroen als zentral ugesi ginn ass.

Et sinn och dräi wichteg Konventiounen verabschit ginn. Eng Kéier eng iwwert d'Desertifikatioun. Vun där huet ee bal guer näischt héieren. D'Biodiversitéit taucht heiansdo op. A vun där, wou am meeschte geschwat ginn ass, mä awer och nach net ganz vill erreecht ginn ass, dat ass d'Klimarahmenschutzkonventioun.

Eppes, wat och - an do kommen ech herno nach drop zrëck - leider zu Lëtzebuerg ganz wéineg thematiséiert ginn ass, dat ass eigentlech d'Agenda 21, mä virun allem d'Lokalagenda 21. Well zu Rio awer kloer an däitlech gesot ginn ass: „Mir brauchen déi lokal Acteuren. Mir brauchen d'Gemengen. Mir brauchen d'Regiounen. Mir brauchen och d'Société civile um lokale Plang, wa mer iergendwéi eppes wëllen änneren.“ Et geet wierklech ëm e Paradigmewissel. Et geet ëm Verhalensännerungen. Dat kann een net vun uewen dekreteieren. Wann dat iwwerhaapt soll geléngen, da misst dat vun ënne komme mat allen Acteuren um Terrain.

Bei allem Positive waren awer déi Zäit och schonn eng ganz Rei ONGen - a leider sinn déi bestätegt ginn - ganz skeptesch, well och zu Rio gemengt ginn ass, mat wirtschaftlechtem Wuesstum kéint ee souwuel d'Ëmweltproblemer léisen, wéi awer och d'Aarmut aus der Welt schafen.

Wat huet sech dann elo zënterhier op internationalem Plang geännert? Et war jo esou, dass Rio eng Veranstaltung war, déi wierklech ganz laang virbereet gouf. Emmerhin ass fénnef Joer dru geschafft ginn nom „Brundtland report“, dee jo eigentlech den Term vun der nohaltenger Entwécklung definéiert hat. Mä Rio ass awer och dräi Joer nom Fall vun der Berliner Mauer. An ech mengen, wann een nodréiglech elo kuckt, wat do geschitt ass, do huet eigentlech déi Tendenz, déi op der globaler Wirtschaft ënnerwee war, nämlech déi neoliberal Tendenz, nach eréischt esou richtig zougeschloen an huet sech nach méi beschleunegt. A well op där anerer Säit, mengen ech, kee Géigemodell méi do war, konnt dee Modell sech wierklech praktesch flächendeckend op der ganzer Welt duerchsetzen, mat alle Répercussiounen, déi mer kennen.

Esou muss ee feststellen, wann een 20 Joer zrëckkuckt, dass eigentlech dee gudden Élan, dee groussen Optimismus, deen zu Rio geherrscht huet, relativ séier fort war. Et huet een och festgestallt, dass d'Iddi vun der Nohaltegkeet séier vun internationale Konzernener récupéréiert a verbessert ginn ass. Greenwashing, mengen ech, war séier un der Dagesuerdnung. Wann een dann awer e bëssen u de Lack krazen gaangen ass an och geet, da stellt een awer fest, dass et hannert de Kulissen awer monter weidergeet.

An den 90<sup>er</sup> an den 2000<sup>er</sup> Jore war et och esou, dass d'Lobbye vum Industriesecteur massiv op internationalem Plang aktiv gi sinn, notament leider och um Niveau vun der UNO. A wann ee weess, wéi déi Leit schaffen: Viru Kuerzem konnt een nach gewuer ginn, wéi zum Beispill an den 80er, 90er Joren déi amerikanesch Tubakindustrie eng ganz Rei franséisch Herrscher awer wierklech bezuelt huet, fir dass se aner Avisé géifen iwwert d'passiivt Fëmmen an Europa ënnert d'Leit bréngen. Da kann een och verstoen, dass déi och op anere Plazen aktiv sinn.

Doduerch huet awer och d'Globaliséierung duerchgeschloen ouni Rücksicht. Et muss ee sécherlech soen, dass doduerch eng Rei Fortschritter an eenzelne Beräicher komm sinn. Et ass vläicht insgesamt méi Räichtum geschaf ginn. Eenzel Länner an eenzel Populatiounen konnten och ganz e bëssen dovun profitéieren, fir aus der déifster Aarmut erauszekommen. Mä mir sinn eis awer och eens, dass ganz Bevölkerungsschichten, och ganz Länner éischeren ënnert där ganzer Globaliséierung gelidden hunn.

An dann hu mer e bëssen de perversen Effet op där enger Säit: Duerch déi ganz Diskussioun, mä och duerch d'Realitéit ginn eigentlech d'Grenze vun de Ressourcen op dësem Planéit ëmmer méi kloer. Et gëtt ëmmer méi kloer, dass een op engem endleche Planéit keen exponentiell Wuesstum kann hunn. Dat wäert schifgoen. Mä et kënnt awer eng pervers Répercussioun, dat ass, dass déi Ressourcen doduerch, dass se méi rar ginn, esou deier ginn, dass eigentlech ganz nei Technologien, wou nach kee Mënsch virun 20 Joer dru geduecht hätt, dass se iwwerhaapt géifen an d'Praxis ëmgesat ginn, kënne rentabel gemaach ginn.

Ech erënneren hei un d'Gaz de schiste, ech erënneren un Teersand, ech erënnere souguer och u Biosprit an esou weider an esou fort. A wann een awer kuckt, wat grad déi Technologien... Ech denken elo, wann een déi Biller aus Kanada gesäit, wat deenen nächste Generatiounen do vu Landschaften hannerlooss gëtt, wat dat och a puncto CO<sub>2</sub>-Emissiounen ass, dann ass et eigentlech verréckt, dass well op där enger Säit de klasschesche Pétrol esou deier ass, wéi en elo ass, et rentabel gëtt, eigentlech nach méi knaschteg Ressourcen aus dem Buedem erauszehuelen. Dat ass ganz schwiereg nozevollzéien, mä et ass awer esou.

An et ass sécherlech och eng Ursach, dass aus den Entwécklungslänner an der Tëschenzäit eben och Schwellelänner gi sinn. An eent ass ganz kloer: Soulaang wéi mir am Westen, déi de Gros vun all deene Problemer geschaf hunn, net bereet sinn, eise Liewensstil ze veränneren, kann een net verlaangen, dass déi Länner wierklech an eng aner Richtung ginn an direkt vläicht méi eng nohalteng Entwécklung wëlle poursuivéieren.

Dann zu Lëtzebuerg, ech menge kënne ze soen, dass de Bilan relativ mince ass. Et huet éischters laang gedauert zu Lëtzebuerg, ier de Sujet vun der Nohaltegkeet thematiséiert ginn ass. Et si wuel eng Rei Initiativ geholl ginn. Et ass e Conseil supérieur du développement durable gegrënnt ginn. Deen huet och, mengen ech, eng ganz Rei valabel Avisé geliwwert. Leider si se relativ wéineg - och an dësem Haus vläicht net genuch -berücksichtegt ginn.

Et muss een awer och feststellen, dass den CSDD awer och en zahnlosen Tiger ass, well e keng Ressources humaines a keng finanziell Moyenen huet. De Robert Garcia an ech haten emol an der Zäit eng Proposition de loi gemaach, wéi ee kéint wierklech méi professionell Strukturen am Beräich Nohaltegkeet op d'Bee setzen. Déi ass leider net ugehall ginn. Haut mierke mer, dass awer den Impakt vum CSDD relativ beschränkt ass.

Et sinn, wéi - mengen ech - d'Konventioun dat och virgesäit, zwee Plans nationaux de développement durable gemaach ginn, woubäi ee ganz kloer muss soen, dass deen zweeten u sech an deem éischten Deel eng schouungslos Analys mécht vun der Lëtzeburger Situatioun. Een, dee wëllt matkréien, wéi Lëtzebuerg a puncto Nohaltegkeet oder Netnohaltegkeet dosteet, dee brauch kee grénge Parteiprogramm ze liesen oder Avisé vum Mouvement Ecologique, dee ka ganz roueg e Regierungsdokument kucken, nämlech deen éischten Deel vum PNDD. Ech mengen, mir haten och hei e spannenden, en interessanten, och e kriteschen Avis als Chamberskommissioun ofginn iwwert deen zweete Plan national. Ech hat awer net dat Gefill, dass dat, wat mer do gesot hunn, wierklech d'Regierung ganz vill beandrockt hätt an dass Konklusiounen doraus gezu si ginn.

Bei der Klimapolitik mengen ech, si mer eis eens, dass déi relativ desastréis ass an dass mer, amplaz den Ausstieg aus der fossiler Energie ze preparéieren, nach ëmmer e gudden Deel vum Statsbudget eigentlech mam Tanktourismus finanzéieren. A wa schonn d'Viviane Reding an Tëschenzäit seet, dass d'Fräikafen eis eng Kéier géif deier ze stoe kommen, da wär et awer och vläicht un der Zäit, dass och a Regierungskreesser déi Messagé géifen ugehall ginn.

Wat eis awer am skandaléisten eigentlech schéngt zu Lëtzebuerg, wa mer iwwer Nohaltegkeet schwätzen, dat ass, dass mat deem ville Räichtum, deen hei geschafe ginn ass, mat deem ville „Fric“ - wann ech dat an deem hei Kontext esou dierf soen - awer déi jeeweileg Regierung emol zu Lëtzebuerg et net fäerdegbruecht huet, méi eng gerecht Gesellschaft ze schafen. Wann ech dee Chiffer vun 20% Kannerarmut héieren, dee mer viru Kuerzem virun Ae gehale kritt hunn, da misste mer eis - a virun allem d'Regierung sech - awer wierklech schummen!

Net nëmmen, dass mer massiv CO<sub>2</sub> emittéieren, mä mir bréngen et och nach net fäerdeg, mat